N°4113
Entrée le 20.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.05.2026
Chambre des Députés

AN DER CHAMBER

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 20. Mai 2026**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Duerch den Accord salarial tëscht der CGFP an der Regierung vum 29. Januar 2025 kënnen d'Employéen an der Fonction publique sech an Zukunft schonn no zéng amplaz no fofzéng Déngschtjore beim Staat fonctionnariséiere loossen. Dës Méiglechkeet betrëfft och d'Chargéen am Enseignement secondaire an an der Formation des adultes a soll mat der nächster Rentrée a Kraaft trieden.

Geméiss dem Artikel 80 vum Statut général muss en Employé, nieft der mëndlecher a schrëftlecher Maîtrise vun den dräi administrative Sproochen — Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch — och den Examen de stage fir de jeeweilege Groupe de traitement bestoen, fir fonctionnariséiert ze kënne ginn. Zanter der Stage-Reform vun 2019 besteet dësen Examen aus zwou zertifikativen Epreuven: engem Legislatiounsexamen an enger praktescher Epreuve. Déi praktesch Epreuve ëmfaasst ënner anerem d'Virbereedung vun enger Sequenz vu mindestens véier Schoulstonnen, eng vum Jury observéiert Schoulstonn an en Entretien iwwert d'Entwécklung vum Stagiaire.

An deem Kontext ass et wichteg, datt d'Modalitéiten, den Inhalt an d'Bewäertungskrittäre vum Examen de fin de stage am Kader vun der Fonctionnariséierung kloer definéiert sinn an net vun deene fir d'Fonctionnaires-stagiaires ofwäichen. Dat betrëfft besonnesch d'Fro, ob Chargéen, déi schonn e Certificat de formation pédagogique mat Erfolleg ofgeschloss hunn, eng Dispens vun deenen entspriechende zertificativen Epreuvë kréien, an ob Chargéen ouni esou e Certificat den Examen de fin de stage integral musse maachen.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Kann den Här Minister confirméieren, dass de Contenu, d'Modalitéiten an d'Bewäertungskrittäre bei deenen zertifikativen Epreuven am Kader vun der Fonctionnarisatiounsprozedur effektiv identesch si mat deene fir d'Fonctionnaires-stagiaires am Enseignement secondaire respektiv an der Formation des adultes ? Falls

net, woura bestinn d'Ënnerscheeder ? Falls net, wourop baséiert de Minister d'Legitimatioun, fir vun de gesetzlechen Dispositiounen aus dem Statut général ofzewäichen ?

- Kréien déi Employéen, déi de Certificat de formation pédagogique virweise kënnen – an domat och all déi zertifikativ Epreuven, déi zum Examen de fin de stage gehéieren, gepackt hunn – eng Dispens vun allen zertifikativen Elementer am Kader vun hirem Fonctionnarisatiounsprozess, oder mussen si déiselwecht Epreuven nach eng Kéier widderhuelen ? Falls net, firwat ginn Employéë mat Certificat de formation pédagogique gläichgestallt mat Employéen ouni Certificat pédagogique?
- Wéi géif den Här Minister, am Fall wou d'Employéen am Kader vun hirer Fonctionnarisatiounsprozedur déi selwecht Epreuven nach eng Kéier widderhuele missten, begrënnen, firwat Employéen, déi den Examen-concours packen, hire bestanene Certificat de formation pédagogique integral am Examen de fin de stage ugerechent kréien an deemno vu sämtlechen zertifikativen Epreuve dispenséiert sinn ?

Här President, bieden ech Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Ricardo MARQUES

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4113 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques**

1. **Kann den Här Minister confirméieren, dass de Contenu, d'Modalitéiten and'Bewäertungskrittäre bei deenen zertifikativen Epreuven am Kader vun derFonctionnarisatiounsprozedur effektiv identesch si mat deene fir d'Fonctionnaires-stagiaires am Enseignement secondaire respektiv an der Formation des adultes ? Falls net, woura bestinn d'Ënnerscheeder ? Falls net, wourop baséiert de Minister d'Legitimatioun, fir vun de gesetzlechen Dispositiounen aus dem Statut général ofzewäichen ?**

D'Modalitéite vun der Fonctionnarisatioun vun den Employéë vum Sous-groupe enseignement sinn am Kapitel 4*bis* vun der *Loi modifié du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale* festgeluecht, op dat den Artikel 80, Paragraf 2, vum Statut général ausdrécklech verweist. Den Examen de fin de stage vun den Agenten, déi eng Enseignementstâche am Enseignement secondaire, an der Formation des adultes, an der Formation professionnelle, an de Centres de compétences, am Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse oder am Centre socio-éducatif de l'État assuréieren, besteet aus engem Examen de législation an enger Épreuve pratique.
Dës zwou zertifikativ Epreuvë sinn a Struktur, Composanten, Cotation totale a Conditions de réussite op déi Epreuven alignéiert, déi am Kader vum Stage vun de Fonctionnaires-stagiaires am Enseignement secondaire virgesi sinn:

- den Examen de législation gëtt op 20 Punkte cotéiert an duerch e Formateur evaluéiert, dee vum Direkter vum IFEN designéiert gëtt;
- d'Épreuve pratique gëtt op 40 Punkte cotéiert a besteet aus der Observatioun vun enger Schoulstonn an enger Klass, an där den Agent eng Enseignementstâche assuréiert; donieft ginn d'Virbereedunge vu mindestens véier openeefollgende Schoulstonne souwéi en Entretien iwwert déi professionell Entwécklung tëscht dem Jury an dem Agent an d'Evaluatioun mat abezunn ;
- d'Conditions de réussite sinn identesch: den Agent muss op d'mannst zwee Drëttel vum Total vun de Punkten an op d'mannst d'Hallschent vun de Punkte bei all Epreuve erreechen, mat der Méiglechkeet vun enger zweeter Sessioun.

Bannent dësem gesetzleche Kader ass d'Evaluatiounsgrille vun der Épreuve pratique un de Public vun den Employéën adaptéiert, fir hirer Beruffserfarung am Déngscht vum Staat Rechnung ze droen. Déi observéiert Schoulstonn gëtt net mat Punkten evaluéiert: De Kandidat kritt op dës Stonn e strukturéierte Feedback vum Jury. D'Cotation totale vu 40 Punkten an d'Conditions de réussite bleiwen onverännert.

E weidere punktuellen Ënnerscheed besteet bei der Zesummesetzung vum Jury vun der Épreuve pratique: beim Fonctionnaire-stagiaire setzt sech de Jury aus dem Direkter vum Etablissement, dem Conseiller pédagogique an dem Conseiller didactique vum Stagiaire zesummen, wärend de Jury an der Fonctionnariséierungsprozedur aus dem Direkter vum Etablissement, engem Conseiller didactique an engem Enseignant-fonctionnaire vum selwechte Groupe de traitement, deen déi selwecht Disziplin enseignéiert, besteet. Dësen Ënnerscheed erklärt sech doduerch, datt den Employé – am Géigesaz

zum Fonctionnaire-stagiaire – net wärend engem Stage vun engem Conseiller pédagogique begleet gëtt.

Dës Modalitéite stellen deemno keng Derogatioun zu de gesetzlechen Dispositioune vum Statut général duer. D'intern Verdeelung vun de Punkte bannent der Épreuve pratique ass duerch d'Gesetz fir keng vun deenen zwou Kategorië festgeluecht; si gëtt duerch d'Evaluatiounsgrille vum IFEN preziséiert an de Kandidate matgedeelt.

2. **Kréien déi Employéen, déi de Certificat de formation pédagogique virweise kënnen – an domat och all déi zertifikativ Epreuven, déi zum Examen de fin de stage gehéieren, gepackt hunn – eng Dispens vun allen zertifikativen Elementer am Kader vun hirem Fonctionnarisatiounsprozess, oder mussen si déiselwecht Epreuven nach eng Kéier widderhuelen ? Falls net, firwat ginn Employéë mat Certificat de formation pédagogique gläichgestallt mat Employéen ouni Certificat pédagogique?**

De Certificat de formation pédagogique sanctionéiert de Cycle de formation de début de carrière, deen d'Staatsemployéeën aus dem Sous-groupe enseignement wärend hirer Période d'initiation absolvéieren. Et handelt sech hei ëm en anere Kader wéi beim Examen de fin de stage, deen den Accès zum Statut vum Staatsfonctionnaire bedéngt.

D'Acquise vun de Staatsemployéeë mat engem Certificat de formation pédagogique ginn awer trotzdeem valoriséiert. Sou kann all Agent eng Demande de dispense vum Examen de législation un den IFEN riichten, wou op Basis vun de Pièces justificatives an nom Avis vun enger consultativer Kommissioun eng partiell oder eng total Dispens vum Examen de législation accordéiert ka ginn, wann den Agent equivalent Coursë suivéiert huet a bei den entspriechenden zertifikativen Epreuven op d'mannst zwee Drëttel vun de Punkten erreecht huet.

An der Fonctionnariséierungsprozedur léisst sech den Examen de législation vum Staatsemployé aus dem Sous-groupe enseignement mat der Formation générale vun Agenten aus anere Sous-grouppe vergläichen, wärend d'Épreuve pratique kann als equivalent zur Formation spéciale ugesi ginn.

An dësem Kontext ass et wichteg ze ënnersträichen, datt d'Prozedur vun der Fonctionnariséierung kee Mechanismus vun engem Automatismus kennt, deen et géif erlaben, ouni Epreuve vum Regime vum Staatsemployé an de Statut vum Staatsfonctionnaire ze wiesselen. D'Reussite vum Examen de fin de stage ass eng materiell Konditioun fir eng Nominatioun. Eng integral Dispens vu sämtlechen zertifikativen Epreuvë géif op eng automatesch Fonctionnariséierung erauslafen, déi weder de Statut général vun de Staatsfonctionnairen, nach d'Kapitel 4*bis* vun der *Loi modifié du 30 juillet 2015* virgesäit an déi eng Diskriminéierung vu Staatsemployéeën aus anere Sous-grouppe géif bedeiten. D'Dispens vum Examen de législation ze ginn, schaaft hei awer keng Inegalitéit, well d'Agenten aus anere Sous-grouppen och eng Dispens vun der Formation générale kënne kréien, awer net vun den Epreuven aus der Formation spéciale.

Wat d'Épreuve pratique ugeet, evaluéiert dës eng Planifikatioun vun enger Sequenz vu véier Schoulstonne mat enger uschléissender Metareflexioun a Bezuch op d'Duerchféierung, op d'Planifikatioun an op déi perséinlech professionell Entwécklung vum Agent am Moment vu senger Fonctionnariséierung. De Certificat de formation pédagogique krut den Agent dogéint um Ufank vun der Carrière a läit am Moment vun der Fonctionnariséierungsprozedur dacks méi Joren zeréck. Donieft géif et eng Ongläichbehandlung bedeiten, Agente mat respektiv ouni Certificat de formation pédagogique ënnerschiddlech ze behandelen.

3. **Wéi géif den Här Minister, am Fall wou d'Employéen am Kader vun hirer Fonctionnarisatiounsprozedur déi selwecht Epreuven nach eng Kéier widderhuele missten, begrënnen, firwat Employéen, déi den Examen-concours packen, hire bestanene Certificat de formation pédagogique integral am Examen de fin de stage ugerechent kréien an deemno vu sämtlechen zertifikativen Epreuve dispenséiert sinn ?**

   Den Ënnerscheed, op deen den honorabelen Deputéierte verweist, berout op enger expliziter Dispositioun vum Gesetzgeber: laut Artikel 64, Paragraf 1*bis*, leschten Alinea, vun der *Loi modifié du 30 juillet 2015* profitéiert de Fonctionnaire-stagiaire, deen de Certificat de formation pédagogique bestanen huet, am Géigesaz zum Staatsemployé bei der Fonctionnarisatioun, vun enger Dispens vun den zertifikativen Epreuven.

   Déi zwou Situatioune sinn net direkt vergläichbar. De Fonctionnaire-stagiaire huet den Examen-concours fir d'Admissioun zum Stage bestanen an absolvéiert, duerno e strukturéierte Stage mat enger Rei vu formativen Elementer (Portfolio, Productions écrites, Projet pédagogique) an enger permanenter Begleedung duerch e Conseiller pédagogique an e Conseiller didactique duerchlaf. D'Dispens vun den zertifikativen Epreuvë gräift an dësem Fall an engem kontinuéierleche Formatiounsparcours, an deem de Certificat de formation pédagogique am Prinzip zäitlech no um Stage läit an deem selwechte Referentiel vu Kompetenzen entsprécht.

   An der Fonctionnariséierungsprozedur dogéint ass den Examen de fin de stage dat eenzegt Element, mat deem d'Kompetenze vum Agent viru senger Nominatioun als Fonctionnaire evaluéiert ginn, an de Certificat de formation pédagogique läit zu deem Zäitpunkt dacks méi Joren zeréck. Den objektiven Ënnerscheed tëscht dësen zwou Situatioune justifiéiert deemno eng differenzéiert Behandlung, ouni datt dëst eng ongläich Behandlung vu vergläichbare Situatiounen duerstellt.

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH